zéiert ginn? Gräift dat Gesetz?" An domat hu mer eis vill hei beschäftegt.

Deen drëtte Punkt ass, mengen ech, och ganz wesentlech, well doduerch, dass mir elo op déi Lëscht komm si vu Länner, déi net konform sinn, riskéiere mer e Problem ze hu mat den internationale finanziellen Organisatiounen, wéi d'BEI, d'Banque Mondiale, d'BERD zu London, déi soen, wa Lëtzebuerg op där Lëscht bleift mat „non conforme", da kéinte se eis Finanzplaz à terme iwwerhaapt net méi gebrauchen.

Also dat ass e phenomeenalen Drock, deem mer do ausgesat sinn, wat erkläert, firwat mer alles gemaach hunn, fir séier virunzekommen. Mir hunn eng Période de grâce verhandelt mat all deenen Organisatiounen, an déi leeft am Ufank vum nächste Joer aus. Aus all deene Grënn war et extrem urgent.

De Spriecher vun der CSV, den Här Roth, huet gesot, mir hätten dat eent zu eent iwwerholl. Ech kann dat fir verschidden, fir grouss Linnen effektiv confirméieren. Haaptsächlech déi Pist vun der Immobilisatioun schéngt eis déi bescht ze sinn. An dat war déi, déi am viregte Projet de loi dra war. Dat heescht, mir hunn och nach eng gewësse Confidentialitéit - net jiddweree kënnt un déi Informatiounen erun -, mä mir hunn déi néideg Transparenz, fir dass déi, déi musse wëssen, wien de Propriétaire ass, et wëssen.

Ech wëll och, wéi den Här Roth dat richteg ënnerstrach huet, de Fonctionnairë souwuel am Finanzministère wéi och am Justizministère Merci soen, well si hunn effektiv hei am Expresstempo geschafft.

D'Inscription au registre ass de wichtege Schrëtt, an do muss ee kucken, wat fir eng Konditiounen den Dépositaire muss erfëllen. Dat steet am Gesetz dran. An duerfir, wa mer do Oplackerunge wëllen, do si jo verschidden Allusiounen drop gemaach ginn: Mir si bereet, dorop anzegoen. Mir mussen ëmmer kucken, dass et konform ass zum GAFI an zum Forum mondial.

Vläicht dann e Wuert zu der Période transitoire, wat en fait de Kärpunkt vum Projet ass: Do hu mer d'Délaien, déi am Ursprongstext dra waren, immens gekierzt. Dat heescht, dass éischtens emol d'Couverture ganz breet ass. Dat riicht sech un d'Société-anonymen, et riicht sech un SCAen, donc d'Sociétés en commandite par actions, et riicht sech awer och un d'Fonds d'investissement. An do kënne mer eis jo gutt virstellen, dass dat e ganz breeden Impakt zu Lëtzebuerg huet.

Ech wëll och ënnersträichen, dass et sech net un d'Obligations au porteur riicht. Also d'Obligations au porteur sinn hei net viséiert.

Ech géif gär der Cofibu (Commission des Finances et du Budget) an hirem President, dem Eugène Berger, villmools Merci soen, well déi hunn hei Akrobatië gemaach, fir dass mer esou vill Sëtzunge konnte maache wéi néideg, an am Hin an Hier mam Conseil d'État den Terrain geglätt, fir dass mer haut hei zurzäit dat kënne maachen.

Mir hu relativ zum Schluss vun der Ligne droite den Text nach verschäerft, andeem mer Obligatiounen, déi cotéiert sinn, och ënnert de Präbbeli vun dëser Législatioun geholl hunn, wat mer am Ufank wollten ausschléissen, fir totalement konform ze sinn zum GAFI an zum Global Forum.

D'Sanktiounen, déi hu mer aus Grënn vum Parallelismus mat normalen Aktie mat och penale Sanktioune besteckt, wat och eng Rëtsch Problemer opgeworf huet, mä op déi mer nach vläicht kënne méi spéit eng Kéier zréckkommen.

D'Dispositions transitoires sinn also esou, dass d'Gesellschaft, déi esou Actions au porteur erausginn huet, déi muss an engem Délai vu sechs Méint immobiliséieren. An d'Détenteure vun esou Aktiounen hunn dann 18 Méint, fir sech ze deklaréieren.

Ech mengen, dass mer och do eng Responsabilitéit hunn als Pouvoir public, an deenen nächste Wochen a Méint genuch Publicitéit iwwert dëst Gesetz ze maachen, fir dass jiddwereen och gewuer gëtt, dass Lëtzebuerg do seng Législatioun changéiert huet.

Als Konklusioun, Här President: Dat heite Gesetz ass ee vun de wichtegste Punkten, vläicht dee wichtegste Punkt op dem Wee, fir erëm konform ze gi par rapport zum Forum mondial, dem Global Forum op där enger Säit an och muer dem GAFI. Mir hu misse relativ séier handelen. Duerfir sinn och déi eng oder déi aner Punkte vläicht nach net honnertprozenteg kloer oder hu Konsequenzen, déi mer nach net komplett duerchduecht hunn.

Mä dat Wesentlecht war, dass mer séier virukommen, soudass ech ganz gären eng Rëtsch vu Virschléi, déi haut hei gemaach gi si vu ville Parteien, wëll mat op de Wee huelen an dat alles checken a kucken, wéi mer et kënne verbesseren, ouni natierlech d'Konformitéit mat de Regele vum GAFI a vum Forum mondial a Fro ze stellen.

Ech géif gären och zum Schluss soen, dass et ganz richteg ass, wat den Deputéierte Fayot gesot huet. Mir sollen évitéieren, ëmmer nëmme reaktiv ze sinn. Well souguer wa mer hei elo ganz gutt schaffen, da kréie mer net immens groussgeschriwwen, dass mer elo endlech konform sinn. An ech hat dat, mengen ech, op dëser Tribün schonn eng Kéier gesot: Mir sinn amgaangen, alleguerten d'Regele vum GAFI zesumme mam Justizminister a mat sengen Équipen duerchzekucken, fir ze évitéieren, an Zuchzwang ze kommen, fir ze évitéieren, musse reaktiv ze sinn a fir proaktiv d'Saachen ëmzesetzen.

Ech muss soen, a menge Gespréicher mat der Finanzplaz a mat hiren Acteuren ass e Bewosstsäin elo opkomm, dass mer all Intérêt hunn, séier ze handelen, preventiv ze handele wéi reaktiv ze handelen. An duerfir freeën ech mech, dass mer haut hei esou eng breet Majoritéit hunn, fir deen heite Gesetzestext ze adoptéieren.

Villmools Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Pierre Gramegna.

Mir sinn elo um Enn vun eisen Diskussiounen ukomm a mir kënnen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6625 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6625 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6625 ass mat 58 Jo-Stëmmen, géint 2 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Laurent Mosar), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber bereet, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Da soen ech lechMerci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir kommen elo zum Projet 6535. Do geet et ëm eng Rei vun Ëmännerungen um Gesetz iwwert de Filmfong, iwwert d'Förderung vun der audiovisueller Produktioun. An d'Wuert huet d'Madame Rapportrice, d'Madame Simone Beissel.

Madame Beissel, wann ech gelift.

8. 6535 - Projet de loi relative au Fonds national de soutien à la production audiovisuelle et modifiant 1) la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État 2) la loi modifiée du 13 décembre 1988 instaurant un régime fiscal temporaire spécial pour les certificats d'investissement audiovisuel

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace

Mme Simone Beissel *(DP), rapportrice.-* Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, d'audiovisuell Produktioun, a virun allem d'Filmproduktioun, huet an de leschte Joren hei zu Lëtzebuerg eng ganz rasant Entwécklung matgemaach. Lëtzebuerg huet et a kuerzer Zäit fäerdegbruecht, professionell Strukturen opzebauen an esou e Secteur kreéiert, eng kreativ Industrie, déi international unerkannt a respektéiert ass.

Mir sinn elo esou wäit, dass mer all Joer ongeféier 20 Produktiounen hei zu Lëtzebuerg kënne realiséieren, woubäi ongeféier eng Dose Long-métragen - Fiktioun an Animatioun - sinn, dat anert sinn Documentairen a Court-métragen. Gréisstendeels sinn et international Koproduktiounen, déi mat Lëtzebuerger Produktiounsgesellschaften entwéckelt a realiséiert ginn an op deene Lëtzebuerger Schauspiller an och Lëtzebuerger Techniker schaffen.

Fir de Moment si mer esou wäit, dass ongeféier 700 Leit e Beruff hunn, deen am Secteur ass vun der audiovisueller Produktioun. Haut hu mer ongeféier 15 ganz aktiv Produktiounsgesellschaften hei zu Lëtzebuerg, véier Animatiounsstudioen, zwee grouss Filmstudioen, an déi ginn alleguerte privat exploitéiert, dat heescht, de Stat brauch do absolut näischt bäizeleeën.

Déi Entwécklung ass dorop zréckzeféieren, dass d'Regierung an den 80er Joren am Kader vun hirer Diversifikatiounspolitik grouss Efforte gemaach huet, fir de Mediestanduert Lëtzebuerg konsequent auszebauen. Dat sougenanntent „Certificats-Gesetz" an och de Regime vun den Aides directes hu massiv dozou bäigedroen, dass eisen audiovisuelle Secteur sech esou schnell entwéckelt huet.

Nieft den europäesche Koproduktioune ginn och ëmmer méi Filmer vu Lëtzebuerger Réalisateure gemaach. An dat si Filmer, déi Der alleguerte kennt. Ech ginn lech just e puer Beispiller dovun: zum Beispill de Gewënner vum Lëtzebuerger Filmpräis, den „Doudege Wénkel" vum Christophe Wagner, de rezente Film iwwert d'Wierke vum Fernand Fox an der nationaler Theaterzeen vum Désirée Nosbusch, an dann natierlech eisen Oscar-Gewënner, op dee mer besonnesch houfreg sinn, den „Mr Hublot" vum Laurent Witz an Alexandre Espigares.

Här President, zu de finanztechneschen Aspekter: Den „mécanisme des certificats d'investissement audiovisuel", deen Enn vun den 80er Jore lancéiert gouf, war haaptsächlech geduecht, fir auslännesch Produktiounen op Lëtzebuerg ze zéien, also als Attraktivitéit. Finanzementer sollten iwwert d'Finanzplaz gemaach ginn - dat war d'Philosophie, déi hannendrustoung -, fir an den audiovisuelle Secteur ze investéieren an esou e professionelle Produktiounsstanduert ze entwéckelen.

Leider huet ee relativ séier misse feststellen, dass déi ganz Politik an déi Philosophie do awer net opgaange sinn, well d'Finanzementer sinn ausbliwwen. Ons Finanzinstituter hunn einfach net an där Richtung matgemaach. Si hunn net investéiert, si hu sech drop bornéiert, fir de ganze Secteur esou ze organiséieren, dass déi Finanzementer sollte goen, mä d'Geld ass net esou gefloss. A si hu sech haaptsächlech also drop beschränkt, fir de Marché vun de Certificate selwer ze organiséieren.

De Législateur huet dorop op dës Entwécklung reagéiert. D'Certificate konnten net méi u Privatpersoune verkaaft ginn.

Mä och d'Finanzinstituter hunn net méi laang privat Prefinanzementer gemaach. Si hu sech an de leschte Joren ëmmer méi dorop baséiert, oder si hu sech drop bornéiert, fir einfach vun de Produzente Certificaten ofzekafen, fir se steierlech ze notzen. D'Produzenten hunn hir Prefinanzementer haaptsächlech iwwer spezialiséiert Banken am Ausland gemaach.

Aus dem urspréngléch ugeduechte Mechanismus, deen engem Investisseur géif erlaben, e Steieravantage ze kréien, fir säi Risque beim Invest ze reduzéieren, ass e Subventiounsregime gi fir d'Filmproduktioun, deen iwwert de Wee vun de Steiercertificaten ofgewéckelt gouf.

Dat war esou laang kee Problem, wéi mer nach an engem finanziell gudden Ëmfeld waren. Et ass awer alles aus dem Rudder gelaf vun deem Moment un, wou déi grouss finanziell Kris agebrach ass, an dee Moment huet déi dem ganze System, deen hei ugeduecht war, e Strëch duerch d'Rechnung gemaach.

D'Zuel vun de Gesellschaften, déi bereet waren, Certificaten ze kafen, ass drastesch erofgaangen. Et war an et ass ëmmer schwéier, an dësem onstabilen Ëmfeld Steierprevisiounen ze maache fir déi nächst Joren. Et sinn an där Zäit pro Joer Certificate fir ongeféier 70 bis 80 Milliounen Euro brutto ausgestallt ginn, wat e Steierausfall fir de Stat bedeit huet vu 25 Milliounen Euro, déi et geheescht huet, un d'Gesellschaften ze verkafen.

Et ass iwwerhaapt ëmmer méi schwéier ginn, fir Abnehmer ze fanne fir déi Certificaten. Den Zäitopwand war ze grouss. Da waren d'Kommissiounen ze héich. De ganze System war op eemol net méi attraktiv.

Derbäi koum, dass de Prefinanzement, dee jo am Ausland huet misse gemaach ginn, mat engem ëmmer méi grousse Risiko verbonne war, wéinst där schwiereger Situatioun vun de Ventë vun de Certificaten. An dee Risiko, deen huet missen natierlech och rémunéréiert ginn.

D'Konsequenz war, dass vun deene ronn 30% Steieravantagen, déi et de Stat kascht huet, fir an déi audiovisuell Produktioun ze investéieren, am Endeffekt emol knapps méi 22% bis 23% am Secteur ukomm sinn. De Rescht vun de Prozenter, déi si verlaf a Kommissiounen an Zënsen.

Dorop huet d'Regierung reagéiert. Zesumme mat dem Secteur ass décidéiert ginn, fir d'Certificats d'investissement audiovisuel ab 2012 auslafen ze loossen, also net méi bei deem System ze bleiwen. En contrepartie ass de Montant vun den Aides financières sélectives, déi och iwwert de Filmfong ausbezuelt ginn, erhéicht ginn, fir d'Aiden aus dem Steierregime integral kënnen ze kompenséieren.

Här President, dat ass dann och ee vun den Haaptobjektive vun dem virleienden Text. Hien ass den 29. Januar 2013 vum deemolege Medien- a Kommunikatiounsminister déposéiert ginn. De Statsrot huet säin Avis den 12. Juli, och 2013, geholl. Da kommen eis Chambre-professionnellen: D'Chambre des Salariés, d'Chambre de Commerce, d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, den Institut des réviseurs d'entreprises an och d'Produzentevereenegung ULPA hunn am Laf och vum Abrëll, Mee 2013 hir verschidden Avisen zum Gesetz geholl.

Nodeem de 4. Mäerz 2013 d'Medien- an d'Héichschoulkommissioun eise Kolleeg Serge Wilmes zum Rapporteur vum Projet de loi genannt hat, hunn ech den 20. Januar dëst Joer d'Relève geholl. Ech wëll awer vun hei aus net mëssen, dem Serge Wilmes en häerzleche Merci ze soe fir déi exzellent Viraarbecht, déi hien an deem Projet geleescht huet.

Une voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel *(DP), rapportrice.-* Mir hunn e puer Amendementer ugeholl, dat den 19. Mee an den 2. Juni. An den 3. Juli ass de Rapport presentéiert ginn an och adoptéiert ginn.

Här President, wéi scho gesot, d'Haaptzil vun dësem Projet de loi ass d'Ofschafe vun de sougenannten „Certificats d'investissement audiovisuel". D'audiovisuell Produktioun zu Lëtzebuerg soll just nach iwwert de Mécanisme vun den direkte selektiven Hëllefe geregelt ginn.

D'Chambre de Commerce huet an hirem Avis vum 8. Mee 2013 proposéiert, fir de Regime net ganz ofzeschafen, well si huet gemengt, wann d'Situatioun géif besser ginn, sollt een awer Passerellen halen, fir eventuell kënnen nach Synergië mat dem Finanzsecteur ze maachen. Dësen Iwwerleeungen ass Rechnung gedroe ginn, gesäit dach deen heitege Projet de loi vir, e strukturelle Fong ze schafen, deen, le cas échéant, et kann erlaben, nei Synergië mat der Finanzplaz ze entwéckelen.

De Lëtzebuerger Filmfong, iwwert dee jo den Développement vun dem Produktiounssecteur organiséiert gëtt, kritt dann och elo d'Missioun, fir d'Mise en œuvre vun esou engem Fong direkt ze analyséieren.

Dir wësst, dass d'Haaptmissioun vum Lëtzebuerger Filmfong déi ass, fir den audiovisuelle Secteur ze entwéckelen an national an international ze promouvéieren. Fir dass de Filmfong ka schaffen, kritt en alljährlech eng staatlech Dotatioun, fir och d'Politique de soutien au secteur vun der Regierung ëmzesetzen. An dat mécht de Fong iwwer eng ganz Zort vun Instrumenter, déi haaptsächlech sinn: d'Hëllefen, da komme Subventiounen, Bourssen a Récompensen. Mä wéi gesot, d'Haaptinstrument sinn d'Aides financières sélectives, déi elo konsequent gi ginn, wéinst dem Ofschafe vun de Certificaten.

A well elo de Système de soutien au secteur geännert huet, ass och d'Iddi opkomm - an dat mécht Sënn -, dass déi ganz Gouvernance vum Fong soll modifizéiert ginn. Dat betrëfft d'Organisatioun vun der Verwaltungsstruktur vum Filmfong. Duerch dëst Gesetz gëtt och e Personalkader geschafen, deem en Direkter, dee vum Grand-Duc genannt gëtt, virsteet.

D'Iddi vum Transfert vu verschiddenen Employéen, déi elo am Filmfong schaffen, an den neie Personalkader hu mer awer fale gelooss, well ebe bei där doter Iddi de Statsrot eng Opposition formelle gemaach huet. An do ass gesot ginn: Dat gëtt fale gelooss, well souwisou hätt dat keng gréisser Änderunge bruecht.

Här President, betreffend déi zukünfteg Gouvernance an d'Prise de décision beim Filmfong wéilt ech folgend Remarquë maachen. Éischtens: De Conseil d'administration, deen elo aacht Leit huet, gëtt op dräi Leit erofgesat. Déi dräi Membere sinn ee Vertrieder vum Medieministère, deen och de President stellt, dann ee vum Kulturministère an ee vum Finanzministère.

Och musse mer soen, an Dir wësst, dass dat à l'ordre du jour ass: Den heitege Projet de loi gesäit vir, dass all Sexe an deem Verwaltungsrot vun dräi representéiert ass. D'Rechnung ass einfach.

D'Haaptmissioune vum Conseil si klassesch: de Budget unzehuelen, d'alljährlech Konten ze kontrolléieren, den Organigramm ze approuvéieren, derfir ze suergen, dass d'Regierungspolitik am audiovisuelle Secteur realiséiert gëtt an d'Memberen ze nenne vum nei gegrënnte Comité de sélection, dem Haaptstéck vun dem Régime des aides financières sélectives.

Dëse Comité de sélection kritt eng nei Roll a vill méi Pouvoir, well et wäert hie sinn, deen an Zukunft d'Décisiounen huele wäert, wat fir ee Projet eng Aide financière kritt, an och décidéiere wäert, ëm wat fir ee Montant et sech dobäi handelt.

De Comité de sélection ersetzt also zukünfteg den heitege Comité d'analyse économique et financière an de Comité de lecture. De Comite de sélection, dee setzt sech zesummen aus fënnef bis siwe Memberen, dorënner den Direkter an ee Member vun der Administratioun vum Fong. Déi aner Memberen, an dat ass natierlech e bësselche schwiereg, dierfe kee Lien mam Secteur hunn, mussen awer Expert sinn an der Analys vu Filmprojeten, Budgeten a Finanzpläng. Dat heescht, et mussen e bësselchen Allroundmanager sinn, déi do gebraucht ginn. Am Comité de sélection - sprich Quoten - dierf d'Proportioun zwësche Fraen a Männer net ënner 40% leien.

Well d'Membere vum Comité grouss Responsabilitéiten an Aufgaben hunn, ass och décidéiert ginn, dass se eng Indemnitéit sollte kréien. Do hate mer och eng Opposition formelle vum Statsrot kritt, well um Ufank war gesot ginn, de Regierungsrot géif déi fixéieren.

Dir kennt entre-temps d'Logik vum Statsrot, dee seet, dass alleguerten déi finanziell Aspekter mussen duerch Règlement grand-ducal festgehale ginn, an dorun huet d'Kommissioun sech bien entendu och du gehalen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat do sinn u sech déi wichtegst Aspekter vun dësem flotte Projet, déi ech lech elo wollt virstellen. Fir d'Detailer kënnt Der op mäi schréftleche Rapport zréckgräifen.

Ech wëll awer net ophalen, ouni e grousse Merci ze soen alleguerten deene Leit, déi gehollef hunn, dass mer dëse Projet de loi esou fäerdeggestallt kritt hunn. Ech hoffen, dass en eng grouss Zoustëmmung fënnt, well dat hëlleft eis, dass mer dësen audiovisuelle Secteur, deen eis jo um Häerz läit, deen eis ëmmer schéi Biller brëngt, déi eis dreemen a schwäerme loossen, dass mer dee kënne viruféieren an och dass mer vläicht d'Chance hunn, fir nach weider Präisser an deem Secteur ze kréien.

Merci also dem Direkter vum Filmfong, dem Guy Daleiden, a senger ganzer Équipe, déi extrem vill gehollef hunn, der Madame Secrétaire-administratrice Anne Tescher, déi mech extrem vill gestäipt huet, fir dass ech schnell an déi Matière erakomm sinn, an dann och de Meedercher a Jonge vun der Fraktioun, dorënner de Philip Modert an d'Joëlle Hengen, déi och ganz aktiv gehollef hunn.

Souwäit, an ech hoffen, wéi gesot, dass mer dee Projet hei gutt iwwert d'Bühn kréien, an ech brénge mat Freed den Accord vun der DP-Fraktioun.

Villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Rapportrice. Éischt Riednerin ass d'Madame Diane Adehm fir d'CSV. Madame Adehm, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Diane Adehm *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Fir d'Éischt wéilt ech der Rapportrice, der Madame Simone Beissel, villmools Merci soe fir hire ganz ausféierleche schréftlechen an och haaptsächlech mëndleche Rapport.

Ech wéilt dorop zréckkommen, dass dëse Projet de loi eigentlech nach vun der viregter Regierung déposéiert ginn ass. An d'Zil war et u sech vun dësem Projet de loi, fir d'Hëllefe fir de Secteur vun der audiovisueller Produktioun nei ze definéieren, well déi aktuell Gesetzeslag nach op d'80er Joren zréckgeet.

Déi deemoleg Regierung ënnert dem Jacques Santer hat nämlech beschloss, fir parallell zur Compagnie Luxembourgeoise de Télédiffusion an der Société Européenne des Satellites den audiovisuelle Secteur zu Lëtzebuerg ze ënnerstëtzen. Dofir gouf mam Gesetz vum 13. Dezember 1988 e spezielle Steierregime agefouert fir d'Certificats d'investissement à la production audiovisuelle.

D'Zil vun dëse Certificaten ass et, fir duerch d'Finanzplaz national an international Gelder bei d'Lëtzebuerger Produktiounsfirmen ze bréngen. Esou goufen tëschent 1999 an 2011 fir 142 Milliounen Euro dëser Certificaten ausgestallt. Dank dësen Certificate si schliisslech 474,5 Milliounen Euro an d'Lëtzebuerger Produktiounsfirme gefloss.

Mam Projet de loi, dee mir haut stëmme wäerten, ginn dës Certificaten definitiv ofgeschaaft.

Mam Gesetz vum 11. Abrëll 1990 gouf de Filmfong gegrënnt a gläichzäiteg goufe selektiv finanziell Hëllefen agefouert. D'Zil vun dësen Hëllefen ass et, fir d'Realiséierung an d'Exploitatioun vu Lëtzebuerger Wierker ze ënnerstëtzen. Tëschent 1999 an 2011 sinn esou 50 Milliounen Euro an de Filmsecteur gefloss. Ouni dës finanziell Hëllefe wier déi Entwécklung, déi de Filmsecteur hei zu Lëtzebuerg kannt huet, guer net zustane komm.

Esou sinn zënter den 80er Joren iwwer 500 audiovisuell Wierker entstanen. Dëst si souwuel Fiktiounsfilmer wéi och Court-, Moyen- a Longmétragen, Serien an Dokumentarfilmer. Beschtens bekannt sinn dem Lëtzebuerger Publikum mat Sécherheet d'Filmer „Congé fir e Mord", „Le Club des chômeurs" oder „Doudege Wénkel".

Och am Ausland kënnen eis Filmer sech weise loossen. Sou huet d'Schauspillerin Nathalie Baye de Prix d'interprétation féminine um Festival de Venise gewonne fir hir Duerstellung am Film „Une liaison pornographique". Och dëse Film ass eng Lëtzebuerger Koproduktioun.

An dräi Césars fir de beschten auslännesche Film sinn u Lëtzebuerger Koproduktioune gaangen. Et sinn dëst: „La promesse", „Panique au village" an „Illégal". An net ze vergiessen natierlech den „Mr Hublot", deen dëst Joer en Oscar kritt huet.

Dës Auszeechnungen ënnersträichen d'Qualitéit vu Lëtzebuerger Produktiounen oder Koproduktiounen. Et gi kulturell héichwäerteg Filmer produzéiert.

Am Filmberäich zu Lëtzebuerg ginn et eng 750 Aarbechtsplazen. An dëst geet vum héich qualifizéierten audiovisuellen Techniker iwwert de Réalisateur, de Schauspiller an och zum Beispill bis bei de Schräiner, deen d'Dekoren zesummebaut, fir dass de Film iwwerhaapt am richtege Kader ka gedréit ginn.

Mat senger geografescher Lag huet Lëtzebuerg eng interessant Plaz an der audiovisueller Landschaft. Eist Land läit nämlech tëschent zwou grousse Kulturen, der däitschsproocheger an der franséischsproocheger. Et ass och net fir näischt, dass sech grouss Betriber wéi d'SES oder den RTL Group bei eis niddergelooss hunn. Lëtzebuerg ass e villsproochegt Land an dat ass e ganz groussen Atout, speziell am audiovisuelle Beräich.

Mä och zu Lëtzebuerg ginn et strukturell Schwieregkeeten, wat den audiovisuelle Secteur ubelaangt. Duerch d'Gréisst vun eisem Land ass eisen nationale Marché limitéiert. Et gi wéineg Tëleesprogrammer oder soss audiovisuell Programmer. D'Produzente sinn deemno forcéiert, op Koproduktioune mam Ausland zréckzegräifen, wat a priori och net schlecht ass fir d'Entwécklung hei am Land, well mer jo doduerjer och eng Partie Know-how bei eis kréien.

Den audiovisuelle Secteur huet an de leschte Joren ëmmer méi Succès kritt an ass och ëmmer méi bedeitend gi fir eis Wirtschaft. E schaaft net nëmme kulturellen a soziale Räichtum, mä och munch Aarbechtsplaz.

Niewebäi spillt de Secteur natierlech och nach eng wichteg Roll am Opbau an an der Erhalung vun der nationaler, mä och vun der europäescher Identitéit, déi ëmmer méi multikulturell gëtt. Et kann ee vun engem „Europe du cinéma" duerchaus schwätzen, trotz dem enormen Drock aus deenen anere Kontinenter.

Et ass wichteg, déi europäesch Diversitéit ze erhalen, och wat déi finanziell Hëllefen an deem Domän ugeet. All europäescht Land huet säin eegene System, fir seng kulturell Identitéit no baussen ze verbreeden. An Europa ass de Film- an audiovisuelle Beräich virun allem ëmmer als kulturellt Produkt ugesi ginn an ni esou direkt als e wirtschaftlecht Produkt.

Hei zu Lëtzebuerg gëtt mam Projet de loi, dee mer haut stëmme wäerten, de System vun de finanziellen Hëllefe fir den audiovisuelle Secteur ëmgeännert. Et ginn an Zukunft just nach selektiv finanziell Hëllefen. Laut dem Artikel 9, éischten Abschnitt vum Projet de loi kënnen déi Projeten eng finanziell Hëllef kréien, un deene sech eng lëtzebuergesch Produktiounsfirma bedeelegt.

An dësem Kontext wéisst ech gäre vun eise Vertrieder vun der Regierung, ob dës „Aide financière sélective", wéi se am Gesetz genannt gëtt, als eng Aide étatique betruecht gëtt oder net an ob se en accord ass mat de Bréisseler Bestëmmungen iwwert d'Aides étatiques.

Och de Filmfong gëtt mat dësem Projet de loi reorganiséiert. En nei geschafene Comité de sélection bestëmmt, wien an de Genoss vun dësen Hëllefe kënnt. De Verwaltungsrot gëtt vun aacht op dräi Leit erofgesat, an och de Filmfong selwer kritt verschidden nei Missioune bäi.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer just eng ganz kuerz Bemierkung zum Filmfong. Wéi ech mech iwwert de Filmfong dokumentéiert hunn, sinn ech och op d'Internetsäit vum Filmfong kucke gaangen. An do hunn ech misse feststellen, dass de leschte Rapport d'activité, deen ech vum Filmfong fonnt hunn, op 2009 zréckgeet. Ech fannen, dass dat net onbedéngt eng glécklech Situatioun ass, well den Internetsite jo awer och vu munch auslänneschem Produzent genotzt gëtt, fir Informatiounen ze fannen iwwert dat, wat hei zu Lëtzebuerg leeft.

Ofschléissend wéilt ech drop hiweisen, dass den audiovisuelle Secteur der CSV ëmmer besonnesch um Häerz louch an dass d'CSV och ëmmer an de leschte Regierunge fir dëse Beräich zoustänneg war. Et ass e Secteur, deen déi verschidde Regierungen ëmmer ënnerstëtzt hunn.

An deem Sënn ginn ech heimat den Accord vun der CSV zu dësem Projet a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Madame Adehm. An d'Wuert huet elo d'Tess Burton fir d'LSAP. Madame Burton, wann ech gelift.

Mme Tess Burton *(LSAP)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'Éischt wëll ech och der Rapportrice Merci soe fir hire mëndlechen a schréftleche Rapport.

Lëtzebuerg ass an der europäescher Medielandschaft e Pionéier. Zwee Medien- a Kommunikatiounsrise sinn hei am Land entstanen an hu sech duerno wäit iwwert d'Grenze vun eisem Land eraus mat groussem Erfolleg weiderentwéckelt. Do ass engersäits den RTL Group, dee gréissten europäesche Fernseh- a Radiosdiffuseur, anerersäits d'SES, déi weltwäit d'Nummer eent bei den Ubidder vun de Kommunikatiouns- an Tëleedistributiounsdéngschter mat enger Flott vu 55 Satelliten ass.

Do dernieft hu sech virun allem an där méi jonker Vergaangenheet e ganze Koup Betriber aus de Beräicher Multimedia, Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien hei zu Lëtzebuerg ugesiedelt. Dës Entwécklung ass d'Resultat vun enger proaktiver Politik vun der Regierung. Hiert Zil ass et, duerch d'Schafe vun engem optimale sozialen, techneschen, reglementareschen a finanzielle Kader d'Diversifikatioun vun der Lëtzebuerger Ekonomie virunzedreiwen.

Ganz an dësem Sënn huet Lëtzebuerg et och fäerdegbruecht, säit Ufank den 90er Jore mat verschiddenen ëffentleche Programmer an Initiativen déi national Filmwirtschaft geziilt weiderzëentwéckelen. Eist Land huet sech a kuerzer Zäit an där internationaler audiovisueller Industrie eng Plaz geschafen a sech en Numm gemaach. Déi mëttlerweil impressionnant Zuel un internationalen Auszeechnungen a Präisser ass dee beschte Bewäis dofir.

Haut zielt Lëtzebuerg méi wéi 20 Produktiounsfirmen, zwee Filmseten a ronn 30 Sociétéiten, déi am Beräich vun der Postproduktioun oder vun den Déngschtleeschtunge fir de Filmsecteur aktiv sinn. De Secteur vun der Filmproduktioun beschäftegt hei am Land mëttlerweil méi wéi 750 Leit. Den technesche Fortschrëtt, mä awer och d'Professionaliséierung vum Beruff hunn d'Dier opgemaach fir d'Méiglechkeete vun internationale Koproduktiounen.

An deene leschte Joren huet d'Zuel vun de Produktiounen am Grand-Duché zougeholl. Dëst net nëmme wéinst dem avantagéise legislative Kader, mä och opgrond vun den exzellenten techneschen Infrastrukturen an de wuessende Kompetenze vun där lokaler Produktiounsindustrie.

Net vergiesse soll een niewent deem klassesche Film den Animatiounsfilm. Dëse Secteur huet sech parallell an ähnlech schnell wéi de Filmsecteur entwéckelt. Zwee rezent Beispiller fir déi gutt an erfollegräich Aarbecht, déi hei zu Lëtzebuerg gemaach gëtt, sinn d'Koproduktiounen „Ernest et Célestine" vum Studio 352 an den „Mr Hublot" vun Zeilt Productions.

Deen éischten ass als beschte Film bei den „Magritte du cinéma" 2014 ausgezeechent ginn a krut och de Präis vum beschten Animatiounsfilm bei de Césars 2013. Och war „Ernest et Célestine" genau wéi den „Mr Hublot" dëst Joer fir d'Oscaren nominéiert. E Präis, dee schlussendlech den „Mr Hublot" gewonnen huet. Dësen éischten Oscar ass och fir Lëtzebuerg eng Auszeechnung fir d'Lëtzebuerger Politik a Saache Filmindustrie.

Eng hallef Dosen Animatiounsstudioen hei zu Lëtzebuerg produzéieren, koproduzéieren oder bidde mëttlerweil hir Déngschter fir auslännesch Produktiounen un. D'Ënnerstëtzung fir d'audiovisuell Produktioun an dësem Secteur huet hir Roll perfekt gespillt an haut hu mer hei am Land eng regelrecht industriell Plattform vu ganz héijem Niveau.

Net ze vergiessen, dass am Beräich vun der Animatioun de Lycée technique des Arts et Métiers e BTS, also eng Formatioun vun zwee Joer, am Beräich vum Animatiounszeechnen ubitt.

Dës Elementer, Beispiller an Zuelen, déi de Film- an Animatiounssecteur betreffen, weise ganz däitlech, dass dëse Secteur net nëmmen eng kulturell an ekonomesch wichteg Roll spillt, mä och wichteg fir den Aarbechtsmarché ass an domadder och eng Erausfuerderung fir eise Schoulsystem duerstellt.

Fir den audiovisuelle Secteur hei zu Lëtzebuerg kulturell, technesch an och finanziell ze begleeden an ze entwéckelen, ginn et hei zu Lëtzebuerg gläich e puer Ariichtungen. Do gëtt et zum engen de Media Desk, de Centre national de l'audiovisuel a schliisslech de Filmfong, deen e ganz wichtegen Deel fir d'Férderung am audiovisuelle Beräich ass.

Mat dësem Projet de loi, dee mir haut stëmmen, gëtt de Filmfong nei organiséiert an och deenen zukünftegen Ufuerderungen ugepasst. Eng Haaptännerung betrëfft, esou wéi d'Rapportrice a meng Virriednerin et schonn ënnerstrach hunn, déi finanziell Hëllefen. Dës finanziell Hëllefe ware bis elo direkter oder indirekter Natur. Am éischte Fall handelt et sech ëm selektiv Finanzhëllefen, am zweete Fall ëm déi sougenannten „Certificats d'investissement audiovisuel".

Dës Certificaten, déi mat deem neie Gesetz ofgeschaaft ginn, sollte mat fiskale Mëttelen iwwert de Wee vun der Finanzplaz d'Investissementer am audiovisuelle Beräich encouragéieren. Mat der Wirtschafts- a Finanzkris sinn dës Certificaten awer ëmmer manner attraktiv ginn. Aus dësem Grond wëllt d'Regierung zukünfteg verstäerkt op direkt Hëllefe setzen, awer net nëmmen.

Et sollen och an Zukunft verstäerkt privat Investisseuren iwwer Synergië mam Bankesecteur fir den audiovisuelle Secteur fonnt ginn, esou wéi déi nei Regierung dëst an hirem Programm festgehalen huet. Duerfir gëtt de Filmfong duerch dat neit Gesetz och mat dëser neier Missioun beoptragt.

Wéi den zoustännege Medieminister a senger Äntwert op eng Question parlementaire schreift, déi ech him an dësem Kontext am Februar gestallt hat, wëllt d'Regierung sech nämlech zukünfteg weider fir eng verstäerkt Zesummenaarbecht tëschent de Banken an der Filmindustrie asetzen.

Aner gréisser Ännerungen, déi hei och schonn ugeschwat goufen, betreffen d'Gouvernance vum Filmfong. D'Aufgabe vum Conseil d'administration ginn nei geregelt an aus deem aktuelle Comité de lecture an dem Comité d'analyse économique et financière gëtt de Comité de sélection, dee sech aus fënnef bis siwe Leit zesummesetzt. Déi finanziell Bäihëllefe ginn an Zukunft vum Comité de sélection verginn an net méi vum Conseil d'administration. Duerfir gëtt d'Unzuel vun de Membere vum Conseil d'administration vun aacht op dräi Leit reduzéiert.

Déi dräi Leit si Vertrieder aus dem Medien-, Kultur- a Finanzministère. Hir Haaptaufgab ass et, de Budget an d'Konte vum Filmfong ze iwwerwaachen, iwwert den Organigramm ze entscheeden an der Regierung déi grouss Linne vun hirer Politik ze proposéieren.

Mat der Reorganisatioun vun dësen zwee Comitéen an der zukünfteger Zesummesetzung vun dëse Comitéë gëtt mat dësem Gesetz e weidere wichtege Punkt fir d'LSAP ëmgesat. Well mam Stëmme vun dësem Gesetz wäerte mir d'Chancen- an d'Geschlechtergerechtegkeet an de Verwaltungsréit férderen.

Une voix.- Très bien!

Mme Tess Burton *(LSAP)*.- Dëst Gesetz setzt déi Dispositioun ëm, dass an de Verwal-

tungsréit kee Geschlecht mat manner wéi 40% dierf representéiert sinn. Dëst Gesetz bréngt endlech méi Bewegung an den Dossier vun der Gläichstellung vu Fra a Mann, iwwert déi scho jorelaang diskutéiert an debattéiert gëtt.

Déi jëtzeg Regierung wëllt mam gudde Beispill virgoen, well am Koalitiounsaccord ass festgehale ginn, dass d'Regierung an de Verwaltungsréit vun ëffentlechen Ariichtunge gesetzlech eng Representatioun vu 40% vun deem ënnerrepresentéierte Geschlecht wëllt aféieren. An dësem Sënn wäert och d'Chancëgläichheetsministesch, d'Lydia Mutsch, fir d'Rentrée e Strategiepabeier fir d'Férderung vun der Fra an der Wirtschaft an an der Politik presentéieren.

D'lescht Woch hu mir d'Gesetz vum Fonds national de la recherche mat därselwechter Dispositioun gestëmmt, dass am Verwaltungsrot vum FNR kee Geschlecht mat manner wéi 40% dierf vertruede sinn. Dëst war dat éischt Gesetz, wat gestëmmt ginn ass mat esou enger Dispositioun. D'Gesetz vum Filmfong ass elo dat zweet Gesetz, wat dës Dispositioun enthale wäert. Déi zwee Gesetzer, dat vum FNR an dat vum Filmfong, sinn e wichtege Schratt an der Gläichstellungspolitik.

D'Ëmsetzung vun dëser Dispositioun an den ëffentleche Verwaltungsréit wäert den Ufank si vun engem Kulturwandel, deen och an alle grousse privaten Entreprisen doduerch erbäigefouert soll ginn.

Eis Frae sinn haut net manner ausgebilt wéi eis Männer. Au contraire! Kuckt een och dëst Joer, wéi vill Meedercher déi lescht Deeg Ofschlossdiplomer iwwerreecht kritt hunn, esou gesäit een, dass d'Meedercher kloer mat de Jongen, wat déi schoulesch Leeschtunge betrëfft, mathale kënnen a si souguer iwwertreffen.

Une voix.- Très bien!

Mme Tess Burton *(LSAP)*.- Duerfir ass et och nëmmen normal, dass déi Meedercher an e puer Joer op deeneselwechte Plazen erëmzefanne si wéi déi gläichaltreg Jongen. D'Wëssen an d'Kënne vun eise Frae sollen och zur Entwécklung vun eisem Land bäidroen.

Fir erëm op de Filmfong zréckzekommen, déi Dispositioun vun de Quote betrëfft zwee Conseile vum Filmfong. Et gëtt eng Kéier e Comité de sélection zesummegesat, an deem an Zukunft den Undeel vum ënnerrepresentéierte Geschlecht net manner wéi 40% dierf sinn, an och am Conseil d'administration soll dat ënnerrepresentéiert Geschlecht gefërdert ginn. Mä hei si keng 40% festgehale ginn, well dat sech bei dräi Leit schlecht ëmsetze léisst. Mä duerfir ass fir dëse Conseil festgehale ginn, dass hei all Geschlecht muss vertruede sinn. Dat géif dann engem Prozentsaz vun 33% entspriechen.

Ofschléissend kann een also festhalen, dass d'Filmindustrie e wichtegt Element vum nationale Kulturbetrib ass, an dat sougutt als Wirtschaftsfacteur mat groussem Entwécklungspotenzial wéi als Aushängeschéld vum kënschtleresche Potenzial, dat eist Land huet. Well d'Filmindustrie all dës verschidde Facettë vun der Wirtschaft an der Kreativitéit vereent, ass fir d'LSAP kloer, dass d'Filmindustrie beschtméiglech ënnerstëtzt a gefërdert muss ginn. Dëst geschitt mat dësem Gesetz.

Ofschléissend soen ech Iech Merci fir Äert Nolauschteren an ech ginn natierlech den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Madame Burton. Nächste Riedner ass den Här Claude Adam fir déi gréng.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mam Projet de loi 6535 ännere mer eist aalt Gesetz, mat deem mer d'Filmproduktioun hei zu Lëtzebuerg ënnerstëtzen. Am Fong ass dës Ännerung éischter eng Upassung un d'Realitéit. Eng Upassung, déi noutwendeg ginn ass, well deen ale Modell opgrond vun der Entwécklung op de Finanzmäert an hiren Auswierkungen op d'Investissementer an d'Produktioun vu Filmer hei zu Lëtzebuerg onattraktiv ginn ass.

D'Filmférderung zu Lëtzebuerg geet zréck op d'80er Joren, et ass scho gesot ginn hei, a si hat traditionell zwee Pilieren: Mir haten e Regime vun Investissementscertificaten, de CIAVen, aus dem Joer 1988, an dat war en Instrument, dat dank der Finanzplaz Lëtzebuerg in- an auslännescht Kapital sollt op Lëtzebuerg ulackelen, fir an d'Filmproduktioun ze investéieren. En zweete Pilier war de Regime vu selektive Finanzhëllefe fir de Lëtzebuerger Filmsecteur iwwer e Fonds national de soutien à la production audiovisuelle, deen 1990 geschafe gouf.

A wann ech elo schonn e puermol vum Lëtzebuerger Filmsecteur geschwat hunn, da muss een drop hiweisen, datt Lëtzebuerg eigentlech eng speziell Charakteristik huet, wat de Filmsecteur ugeet. Éischtens feelt et eis un enger gewëssener Masse critique, wat et souwuel fir d'Produktioun awer virun allem och fir d'Vermaartung vu Lëtzebuerger Filmproduite schwéier mécht. E Lëtzebuerger Kinohit huet 20.000 oder, wann et héich kënnt, 30.000 Entréeën an de Kinoen hei am Land. Dat ass fir e klengt Land natierlech enorm, mä an absoluten Zuelen oder a Suen ausgedréckt ass dat awer méi wéi bescheiden.

Eng zweet Spezifissitéit ass, datt mer keng Televisiounschaîne am Land hunn, déi an d'Produktioun vu Filmer investéiert. Dat bréngt dann och mat sech, datt mer zu Lëtzebuerg ganz vill international Koproduktiounen hunn. An dat mécht et schwiereg, fir vum Lëtzebuerger Film als solchen ze schwätzen.

Et ass eng Tatsaach, datt de Filmfong net just Lëtzebuerger Filmer a Lëtzebuerger Talenter férdert. Beim Lëtzebuerger Film leie mer tëschent Wirtschaft a Kultur. Et ass duerfir och net verwonnerlech, datt eis Filmférderung am Ministère vun de Medien - ech sinn awer och frou, datt dann d'Kulturministesch hei ass -, mä eigentlech ass de Filmfong am Ministère vun de Medien ugesiedelt. Da kéint een natierlech och soen, de Filmfong kéint een an de Ministère vun der Ekonomie usiedelen. Mä dat kéint ee bal vun all kultureller Branche soen, well all kulturell Branche huet och ekonomesch Retombéeën. Mä mir wëllen dat awer selbstverständlech net, fir all kulturell Branche an d'Ekonomie ze stiechen.

Wéi interessant a wäit vernetzt d'Filmbranche ass, dat weist sech schonn un der rezenter Visite op dem internationale Festival vum Animatiounsfilm zu Annecy. Do waren niewent de professionelle Vertrieder aus dem Secteur och Schüler vum BTS Animation aus dem Lycée technique des Arts et Métiers, déi mat op Annecy gaange sinn an do konnte Kontakter a Stageméiglechkeeten ausloten. An de Medieminister huet och an deem Kontext gemengt, datt d'Animatioun 30% vum Mediesecteur zu Lëtzebuerg géif ausmaachen.

Eigentlech erstaunlech, datt sech, trotz den éischter negative Viraussetzungen, awer e ganz dynamesche Filmsecteur zu Lëtzebuerg opgebaut huet. Oder, neen, et ass net wierklech erstaunlech, well et ass ebe grad just d'Resultat vun enger ganz bewosster Férderung. Eng Férderung, déi och vu Bréissel aus toleréiert gëtt, well am europäesche Filmbetrib si Subventiounen ausdrécklech erlaabt. Ouni Subventioune géif et kaum nach eng europäesch Filmproduktioun a scho guer keng lëtzebuergesch ginn.

Bis haut hu mer zu Lëtzebuerg méi wéi 500 Filmer vun alle Genrë produzéiert. An et schaffe ronn 700 Leit zu Lëtzebuerg am Filmsecteur. Esou steet et zumindest am Exposé des motifs vum Gesetzesprojet.

Datt eis Filmférderung Erfolleg huet, dat schéngen och d'Resultater um internationale Plang ze weisen: d'Selektiounen op internationale Festivaler, d'Nominatioune fir Césaren an Oscaren an zu gudder Lescht dann och nach wierklech d'Attributioun vun engem Oscar, et ass scho gesot gi vun der Madame Rapportrice, fir den „Mr Hublot", den Animatiounsfilm vum Laurent Witz a vum Alexandre Espigares.

Mat der Zäit sinn awer déi Certificats d'investissement audiovisuel ëmmer manner interessant gi fir d'Banken a fir hir Clienten, soudatt si ëmmer manner e séchert Instrument vun der Filmférderung hei am Land gi sinn. D'Rapportrice huet dat an hirem Rapport ernimmt, an nach méi detailléiert steet et och am Exposé des motifs vum Gesetz.

Dat huet d'Regierung dozou verleet, fir de Regime vun de CIAVe ganz opzeginn an duerch e System vun enger direkter Subventioun ze ersetzen. D'Férderung iwwert d'CIAVen ass Enn 2013 offiziell ausgelaf, mä schonn zënter 2012 hunn déi direkt Subventionéierunge fir en Ausgläich vum Réckgang vum CIAV-Geschäft gesuergt. D'Férderung vum Film huet also elo keng zwee Standbee méi. Et gëtt just nach eng direkt Subventionéierung.

Dat huet dann, zumindest emol theoretesch, den Avantage, datt nach méi spezifesch no de Kritäre vu Qualitéit a vu Standuert Lëtzebuerg ka gekuckt ginn. Dobäi bleift et natierlech weiderhin iwwerliewenswichteg, datt eis Hëllefe weiderhin op international Kooperatioun ausgeriicht sinn a mat ähnlechen Hëllefen am Ausland vergläichbar sinn.

Och wann d'Gesamtdépense vum Stat net eropgaangen ass, esou geet d'Zomm, déi vum Filmfong ausbezuelt gëtt, dach awer däitlech an d'Luucht. Vläicht ass och duerfir virgesinn, fir d'Gouvernance vum Fong ze ënneren. Am Conseil d'administration vum Fong souze bis elo haaptsächlech Vertrieder vun de Ministèren, déi net onbedéngt en direkte Bezuch zur Filmwelt haten. Si hunn hir Décisioune missen opgrond vun der Viraarbecht vun anere Leit huelen.

Mam Gesetz vun haut gëtt de Conseil d'administration op dräi Leit, zwou Fraen an ee Mann oder zwee Männer an eng Fra, aus dräi Ministèren - Kommunikatioun, Kultur a Finanzen - zréckgestutzt.

Seng Missioune ginn och reduzéiert: Budget vum Fong opsetzen, Personaldécisiounen innerhalb vum Fong huelen an déi allgemeng Ënnerstëtzungspolitik vum Fong bestëmmen.

Fir d'Auswiel vun de Projeten, déi eng Ënnerstëtzung solle kréien, gëtt en neie Comité consultatif d'évaluation (veuillez lire: Comité de sélection) agesat, deen déi zwee Comitéë vu virdrun ersetzt. Hei si fënnef bis siwe Leit Member. All Geschlecht muss op d'mannst zu 40% vertruede sinn. An d'Membere gi vum Conseil d'administration opgrond vun hirer Experienz am Secteur nominéiert.

Dee Comité evaluéiert d'Projeten opgrond vu Kritären, wéi se am Artikel 11 am Gesetz festgehale sinn, zum Beispill hir kënschtleresch a kulturell Qualitéit, hiren Intérêt fir Lëtzebuerg a fir d'Entwécklung vun eisem Filmsecteur.

Relativ flott ass och fir de Laien de Site vum Filmfong, deen ech mer och ukucke gaange sinn. A well d'Madame Adehm et virdrun ugeschwat huet: Et ass effektiv awer och esou, also ech hunn op alle Fall och e Rapport d'activité vum Conseil d'administration vun 2012 fonnt...

D'Madame Adehm interesséiert dat am Moment net?

(Interruptions et hilarité)

Neen, ech wollt lech just soen, ech hunn awer effektiv och um Site vum Filmfong dee Rapport vun 2012 fonnt. Et muss ee beim Download Center kucken. Ech hunn dat eigentlech immens flott fonnt, dee Site vum Filmfong, duerfir soen ech et och, well een do och déi Décisioune vun deem Conseil d'administration, wéi déi Suen agesat ginn, alleguerten noliese kann.

Do liest een zum Beispill no: An der Séance vum 25. Juni 2014 huet de Conseil d'administration 8,5 Millioune Suen accordéiert, Hëllefen accordéiert. An da steet och schéin opgelëscht, wéi eng Filmer, wéi eng Projeten - et si jo och heiansdo Dréibicher, déi Sue kréien -, datt ënnerstëtzt gi sinn. An dat ass eng Oplëschtung iwwert d'ganzt Joer, wou een dann zimlech genau weess, wie Sue kritt huet vun eisem Filmfong.

Interessant ass och, datt déi Hëllefen am Prinzip mussen zréckbezuelt ginn. Wou ech dann awer och emol gäre wéisst, wéi dat an der Praxis gehandhabt gëtt. Et steet esou am Gesetz. Wéi vill Filmer ginn dann zu Lëtzebuerg produzéiert a werfe Gewënn of? A sinn da scho jee eng Kéier Sue rembourséiert ginn?

Iwwert d'Kritären, wéi déi Décisioune vum Conseil d'administration begrënnt sinn, do sinn ech elo leider Gottes näischt gewuer ginn um Site. Ech ginn dervun aus, datt och emol Refuse musse motivéiert ginn. An ech ginn dann och dervun aus, datt déi Leit, déi e Refus kréien, dann och informéiert ginn, firwat datt hire Refus ausgeschwat ginn ass. Ech kommen aus engem Secteur, deen heescht Éducatioun, an do ass et esou, datt haut all Student d'Méiglechkeet huet, op der Uni nozefroen, firwat datt e säin Examen net gepackt huet. Ech huelen un, datt et beim Filmfong ähnlech ass.

Niewent dëser Haaptmissioun vum Filmfong versicht de Fong och, d'Lëtzebuerger Filmproduktioun op alle méiglechen Niveauen ze férderen, sief dat duerch d'Präsenz op internationale Veranstaltungen, zum Beispill zu Cannes, fir just déi prominentst ze nennen, op internationale Filmfestivaler oder duerch d'Organisatioun vum Lëtzebuerger Filmpräis, deen zënter 2003, wou en eng éischte Kéier verdeelt ginn ass, mëttlerweil eng sechst Editioun kennt.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, zum Schluss vu mengen Ausféierunge wëll ech der Madame Rapportrice nach eng Kéier ausdrécklech Merci soe fir hir vill Aarbecht an hire gudde schrëftlechen a mëndleche Rapport. An ech bréngen den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi, e Projet, vun deem mir mengen, datt et eng Simplification administrative ass an datt et e gutt Gesetz ass fir de Standuert Lëtzebuerg a fir d'Lëtzebuerger Filmkultur.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Adam. Als Nächsten huet d'Wuert den Här Roy Reding fir d'ADR.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Här President, léif Kolleegen, et ass schwiereg, fir kritesch Bemierkungen ze maachen an enger Matière, wou Lëtzebuerg den Oscar gewonnen huet. Och dann, wa mer eis mussen zerstreiden, well Canal+ deemools gemellt huet: «Les réalisateurs du court-métrage français nommé à l'Oscar (...)», respektiv den Élio Di Rupo vum PS getwittert huet, wéi se en dann du kruten: «Le film belge a eu l'Oscar!».

Mä trotzdeem dräi kritesch Bemierkungen.

Dat Éischt ass, wat de Volume vu Geld ugeet, dee mer an dëse Filmfong, an dës Industrie investéieren, an dat am Verglach mat anere kulturellen Aktivitéiten an Institutiounen.

Et war um Lëtzebuerger Filmpräis dëst Joer, wou de Jules Werner, de Präisdréier fir säi Rôle am „Doudege Wénkel", e ganz passionéierten Appell gemaach huet un d'Politik, a speziell un déi Politiker, déi am Sall waren, et misst vill méi gemaach ginn, fir déi kleng Theateren hei am Land ze ënnerstëtzen. Hie sot: „Dat ass déi Plaz, wou jonk Réalisateuren, wou jonk Acteuren hir éischt Rolle kréien, hir éischt Aufgabe kréien a wou se forméiert ginn."

Dës kleng Theateren - Kasematten, Centaure, Maskénada, TOL - kruten 2013 laut dem Rapport vum Kulturministère eng Enveloppe vu 550.000 Euro. Am ganze Secteur conventionné huet de Kulturministère bezuelt 6,6 Milliounen Euro. 6,6 Millioune krut och de MUDAM, wou den Direkter sech zu Recht beschwéiert, datt no de Frais de fonctionnement dovunner net méi ganz vill iwwreg bleift fir Ausstellungen a fir d'Acquisitioun vu Konschtwierker.

Ech erënneren drun, datt mer d'Ausstellung zum Éischte Weltkrich, déi mat 256.000 Euro zu Buch geschloen hätt, opginn hunn am Rahme vun der Regierung hirem Spuerkurs. Och eisen Orchestre Philharmonique huet missen an der Linn vun därselwechter Spuerpolitik seng Rees a China sträichen.

An engem ganz bemierkenswäerten Artikel am „Lëtzebuerger Land" huet d'Josée Hansen de 14. Februar dëst Joer bemängelt, datt de Filmfong par rapport zum Rescht vun der Kultur iwwerdotéiert wier. Mä si huet och desillusionéiert festgestallt, datt wuel keng fundamental Afrostellung géif geschéien, well béid Ministères de tutelle an och d'Direktioun vum Filmfong allen dräi mat DP-Leit besat sinn.

Ech muss awer dem Direkter Guy Daleiden Merci soe fir seng oppe Wierder an der zoustänneger Chamberskommissioun. En huet eis duergeluecht, datt vill Filmer - hei gëtt vill geschwat vun deenen, déi Succès haten, vun deenen, déi Präisser kruten, vun deenen, déi gutt ukomm sinn -, mä et ginn der vill produzéiert, ech zitéieren en: „fir den Tirang".

Firwat gi se fir den Tirang produzéiert? Well d'Produzenten hir Rémunératioun budgétiséieren, dat heescht, si verdénge während der Produktioun. Et ass och gutt, datt se eppes verdéngen, ëm Gottes wëllen, dat wëllt jo keen a Fro stellen! Mä wann de Film bis fäerdeg ass, géif et se Energie a Geld kaschten - esou krute mer dat erkläert -, fir d'Commercialisatioun vun hirem Film virunzedreiwen. Also ass et fir si einfach méi lukrativ a méi interessant, en neie Projet ze attackéieren, anstatt eppes fir de Film ze maachen, deen doläit, dee fäerdeg ass.

An do stellt sech dann d'Fro no engem qualitativen Audit, dee menger Meenung no eng Kéier misst gemaach ginn, fir emol ze kucken, wéi vill Filmer an deem dote Fall sinn, wéi vill Filmer fir den Tirang produzéiert ginn an och, wat een als Stat kéint maachen, fir datt déi Filmer emol géife gewise ginn.

De Filmfong muss mam SREL zesummeschaffen. Well wéi en héieren huet, datt d'Madame Adehm haut géif schwätze vun de Rapporten, déi net do sinn, krute mer gëschter Owend am Courrier électronique de Rapport vun 2012.

Aus deem Rapport geet ervir - einfach fir emol déi Chifferen a Relatioun ze setzen -, datt 2012 Aides sélectives opstounge beim Filmfong fir 41 Milliounen an datt Certificats audiovisuels - nëmmen 2012! - ausgestallt goufe fir e Montant vun 68 Milliounen Euro! Ech wollt einfach dës Zommen emol eng Kéier en rapport setze mat deenen Zuelen, déi ech elo grad genannt hunn, wat déi kleng Theateren ugeet oder wat eng UGDA ugeet an esou weider.

En zweete Punkt, wou ech eng kritesch Bemierkung wollt maachen, ass zwar en techneschen, e juristeschen, mä awer och e ganz wichtege Punkt. Am Artikel 9 vun deem Projet, dee mer hei solle stëmmen, gëtt gesot, datt nëmmen d'Sociétés de capitaux Hëllef kënnen ufroen. Souwuel d'Chambre de Commerce wéi de Conseil d'État hu bemängelt, datt dës Dispositioun diskriminatoresch wier. Si ass menger Meenung no och kloer anticonstitutionnel!

Leider wollt déi zoustänneg Kommissioun trotz dëse Bedenken hei näischt änneren. Ech sinn

der fester Iwwerzeegung, datt de Statut juridique vun deem, deen d'Hëllef freet, keng Roll däerf spillen an datt een eng Personne physique, e Réalisateur personne physique genausou gutt ka kontrolléiere wéi eng Société de capitaux. An ech sinn och iwwerzeegt, datt déi éischt Personne physique, déi eng Hëllef ufreet an déi ofgelehnt kritt op Basis vum Artikel 9, absolut gutt Chancen huet, fir mat engem Recours judiciaire duerchzekommen.

Domadder kommen ech op meng drëtt Remarque, wa mer scho vun Diskriminatioun schwätzen, an dat ass dann déi berühmte Quoteregelung!

Mir hunn hei e Conseil d'administration vun dräi Memberen. An engem Amendement vum 19. Mee hat déi zoustänneg Kommissioun majoritär virgeschloen, do sollt déiselwecht Dispositioun drakomme wéi an all deene Gesetzer elo, nämlech, datt 40% misste vun engem Sexe sinn. Dat wieren dann 1,2 géint 1,8 gewiescht.

Iergendwann ass dann dunn opgefall, datt dat awer irréalisabel wier, datt een entweder misst d'Zuel vun de Comitésmemberen eropsetzen op mindestens fënnef, fir datt een op 40% hätt kënne kommen: zwee an dräi. An dunn ass gesot ginn: „Gutt, dat ass de facto irréalisabel, da schwätze mer nëmme vun engem eenzege Member, dee muss vun engem anere Sexe sinn."

Wat ass net alles schonn zu deene Quote gesot ginn! Ech hunn einfach dräi kleng Zitater.

Mäin éischt Zitat: „Mir solle sécherlech weiderhin u Méiglechkeeten denken a se och schafen, fir d'Gläichberechtegung ze fërderen. Allerdéngs ass et mir wichteg", seet deen Auteur vun deem Zitat, „datt Kritäre wéi zum Beispill Qualitéit, Wëssen a Savoir-faire an dëse Méiglechkeeten net ënnert den Teppech gekiert ginn, mä Virrang hunn. Fir d'Demokratesch Partei läit de Prinzip vun der Gläichberechtegung net am Ervirhiewe vun den Ënnerscheeder oder an der Verweiblechung vun Titelen, mä am Valoriséieren, ob Fra oder Mann, vun der Qualitéit an dem Know-how." Fannen ech exzellent, ënnerschreiwen ech mat zwou Hänn! Dat ass vum 6. Mäerz 2002: Maggy Nagel.

(Brouhaha)

E weidert exzellent Zitat: „An anere Wierder, eng Fra, déi duerch d'Quoteregelung de Sprong no uewe gepackt huet, kann net mam Mann konkurréieren, well si hir Carrière de Quoten ze verdanken huet an net hirer perséinlecher Kompetenz. Ausserdeem sinn ech der Meenung, datt d'Aféierung vu Quoten e grousse Schrëtt zréck ass. Mir briechen dann nämlech mat dem Prinzip vun der Emanzipatioun: ze refuséieren, d'Mënschen no natierlechen Distinctiounen ze katalogiséieren. (...) Virun allem jonk Frae gesi sech net als sougenannte Quotefraen. Si wëllen um beruffleche Plang eppes erreechen, well si d'Potenzial, d'Kënnen an d'Wëssen hunn, net well si als Fra gebuer goufen. Fir d'Demokratesch Partei ass d'Leeschtung net geschlechtsverbonnen." Maggy Nagel, 11. Mäerz 2003.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).-* Très bien!

M. Roy Reding *(ADR).-* Da gëtt et nach e fantastescht Zitat vun der Madame Nagel, wat ech immens, immens gutt fannen. Ech hunn et selwer schonn oft widderholl.

(Brouhaha)

Ech hunn awer elo net den Datum vun deem Zitat...

(Interruption)

Mme Maggy Nagel, *Ministre de la Culture.-* Kommt emol op de Punkt!

M. Roy Reding *(ADR).-* Ech hu leider net den Datum vun deem Zitat. Mä et war: „Mir brauche keng Quoten, mir si keng Kéi." All Respekt! Dat ass och haut nach ëmmer meng Meenung! Leider hutt Dir Är, schéngt et jo, geännert.

Mme Maggy Nagel, *Ministre de la Culture.-* Kee Problem. Kommt zum Punkt!

M. Roy Reding *(ADR).-* Ech hunn eng representativ Ëmfro gemaach bei sechs Fraen. Dat ass hautdesdaags jo in: Wann ee wëllt seng Meenung beleeën, mécht ee representativ Ëmfroen. Dat ware sechs Fraen, dat ware meng Mamm, meng Schwéiermamm, meng Fra a meng dräi Meedercher.

(Brouhaha général)

Si sinn alleguerte beruffstäteg oder an der Ausbildung. An alleguerte si se houfreg drop, datt se Succès hunn an hire jeeweilege Beruffer oder hire jeeweilege Schoulen...

(Coups de cloche de la présidence)

...wéinst hirem Wëssen an hirem Kënnen, an net, well iergendee Geschlechtsdeel se méi oder manner hunn!

D'Jugendparlament...

(Interruption et coups de cloche de la présidence)

D'Jugendparlament....

M. le Président.- Här Angel!

M. Roy Reding *(ADR).-* D'Jugendparlament huet net méi spéit wéi den 13. Juni - an dat gëtt engem jo awer Hoffnung, datt bei deene Jonken e bësse méi modern Iddien nees opkommen -, den 13. Juni 2014 gesot: «Les entreprises doivent être libres de choisir la personne qui, selon elles, est munie des diplômes les plus adéquats.

(...) le nombre d'hommes et de femmes occupant les postes importants dans les entreprises privées s'équilibrera sans une intervention de l'État ou du législateur.» Och dat ënnerschreiwen ech mat zwou Hänn.

A schlussendlech kommen ech op eis Constitutioun ze schwätzen. Et deet mer leed, ech hunn déi fâcheuse Gewunnecht, fir vun der Constitutioun ze schwätzen, eisem Grondgesetz. An dat seet am Artikel 11.(2): «Les femmes et les hommes sont égaux en droits et en devoirs.» Jo, do gouf eng Kéier derbäigefummelt: «L'État veille à promouvoir activement l'élimination des entraves pouvant exister en matière d'égalité entre femmes et hommes.»

„Éliminer les entraves" heescht net, eng Discrimination positive. „Élimination des entraves" heescht, Barrièren ewechhuelen, heescht fërderen. Dat heescht net: gesetzlech duerchsetzen! An ech sinn der fester Iwwerzeegung, datt dat Gesetz hei, genau wéi déi aner, déi scho gestëmmt goufen an déi nach wäerte gestëmmt gi mat de Quoten, anticonstitutionnel ass!

A well ech en Eed, wéi Dir alleguerten, op d'Verfassung geleescht hunn, stëmmen ech ganz bestëmmt net ee Gesetz, vun deem ech iwwerzeegt sinn, datt et anticonstitutionnel ass. A meng Kolleege vun der ADR maachen dat och net. Duerfir stëmme mir géint dat Gesetz hei.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).-* Très bien!

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Reding. Deen awer soll emol eng Kéier probéieren, mat zwou Hänn ze ënnerschreiwen.

(Hilarité)

Voilà, dat gesot, géif ech d'Wuert dem Här Turpel ginn.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).-* Léif Kolleeginnen a Kolleegen, den audiovisuelle Secteur ass e Secteur, deen eng Rei Eegenaarten huet, déi een onbedéngt muss ervirhiewen. Déi éischt Eegenaart vum Secteur ass déi, datt en enk verbonnen ass mam Kultursecteur. Et ass en Industriesecteur, dee verbonnen ass mat engem breede Kultursecteur, dee wäit ewech ass vun industrieller Produktioun, mä deen eppes ze dinn huet mat breedem gesellschaftlechem Schafen.

Eng zweet Eegenaart, déi hei schonn ervirgestrach ginn ass, déi an dësem Kontext awer wichteg ass, dat ass, datt den audiovisuelle Secteur ausgeklammert ass, zur „exception culturelle" an Europa gehéiert, datt d'Méiglechkeet besteet, fir en ze subventionéieren, fir em direkt Aides de l'État ze ginn. An ech hoffen, datt ënnert där neier Kommissioun dat och nach laang esou wäert bestoe bleiwen.

Eng drëtt Eegenaart ass déi, datt et an der ganzer Welt ee wichtege Secteur ass, fir déi kulturell Villfalt vu Vëlker, vu Géigenden am Austausch, an der Gemeinschaft mateneen ze fërderen. Mä dofir brauch dee Secteur, wéi all aner Industrieproduktioun, Suen. An dat ass ee vu senge Problemer, déi en de Moment huet.

Net nëmmen, datt e Sue brauch, mä och, datt all Land versicht, déi Suen ze kréien, fir engem audiovisuelle Secteur zum Duerchbroch ze verhëllefen. An dat ass dat, wat zu enger Konkurrenzsituatioun féiert, wéi mer se de Moment an der ganzer Welt an och an Europa kennen an déi en Numm huet, ech soen d'Stéchwuert „tax shelter", dat heescht, e steierleche Schutzschierm, fir dem Secteur Suen zouzeféieren.

Et ass betount ginn, datt mir zu Lëtzebuerg dat '89 agefouert hunn iwwert d'Loi Rau vum 13. Dezember '88, datt mer dat ergänzt hunn '90 duerch d'Hëllefen. Et muss een och soen, datt Irland eigentlech vir war. Dat waren déi Éischt, '88, déi esou e System vu steierlecher Fërderung vun Investitiounen an deem Secteur gefërdert hunn.

Mä virun allem d'Belsch hunn net nëmmen Intérêts notionnels, mä si hunn haaptsächlech an dësem Beräich gewisen, datt een, wann ee vill méi wäit geet, eppes ka maachen, wat dann drastesch Konsequenzen huet.

D'Belsch sinn 2003 an engem Gesetz, wat se tëschent Chrëschtdag an Neijoerschdag gestëmmt hunn - wou ech net esou sécher sinn, ob jiddweree weess, wat e gestëmmt huet -, higaangen a si hunn ab 2004 en Tax-shelter-System agefouert, wou ee bis 150% vun deem, wat een investéiert huet, konnt vu Steieren ofschreiwen. 150%! A 40% vun der Zomm krut een als garantéierte Prêt, egal, ob herno d'Produktioun sech gelount huet oder net.

An dee System war vun deem Moment un onschlagbar. Deen huet dozou gefouert, datt an der Belsch iwwert déi Joren, iwwert déi lescht zéng Joer, ronn 4.000 Aarbechtsplazen, ganz Parke kreéiert gi si bei Léck an op anere Plazen am audiovisuelle Beräich, datt op déi Aart a Weis eng Milliard an déi audiovisuell Produktioun investéiert ginn ass, déi d'Steierzueler an der Belsch awer 270 Millioune kascht huet.

Wann een dat awer méi genee kuckt an emol méi genee analyséiert, wat eigentlech do geschitt ass, da stellt ee fest, datt déi Aarbechtsplazen, déi an der Belsch do geschafe gi sinn, eigentlech net Aarbechtsplaze sinn zousätzlech an Europa, mä op d'Käschte vun anere Länner, an dësem Fall haaptsächlech vu Frankräich, mä bis eran an Amerika.

Et stellt een eng zweet Saach fest, dat ass, datt do Leit fatzeg dovu profitéiert hunn. Et gëtt Gesellschaften, wéi Umedia an anerer, do sinn heiansdo dräi Aktionären, déi stiechen emol jiddwereen eng Millioun direkt an hir eegen Täsch, egal wat herno mam Film geschitt, ob een eppes ka mat dem Film ufänken oder net. An et kënnt dem Här Reding zur Éier, datt en dat virdrun hei och schonn opgeworf huet.

Grad wéi verschidde Schauspiller, nëmme well se e bestëmmten Numm hunn, well se Depardieu oder Deneuve heeschen, fir ee Film 400.000 Euro kënnen an d'Täsch stiechen, op d'Käschte vun de belsche Steierzueler. An dat huet och eng Géigesäit, nämlech net nëmmen, datt d'Steierzueler an der Belsch dat bezuelen, mä et huet och als Géigesäit, datt déi aner Acteuren, datt d'Techniker, datt d'Intermittenten Aarbechtskonditiounen hunn, déi ënner aller Klarinett sinn an déi dozou féieren, datt se regelméisseg dozou forcéiert ginn, wéi zu Avignon oder op anere Plazen, fir hir Konditiounen ze streiken an ze manifestéieren.

Och dat ass e Resultat vun där Tax-shelter-Politik, bis hin dozou - an do, mengen ech, si mer zu Lëtzebuerg och zum Deel dovunner betraff -, datt eng Rei Firmaen an de Beräicher vun den Effets spéciaux an der Belsch ganz volatil sinn: Si entsti fir en Optrag, si verschwannen erëm nom Optrag.

Also, mir kréien do eng Situatioun, déi net nëmme Sonnesäiten huet. An et gëtt ganz vill Etüden driwwer, ob dat sech dann elo gelount huet fir d'Belsch. Ech bleiwe bei der Belsch, op Lëtzebuerg kommen ech nach. An déi seriöst Etüde kommen zur Konklusioun, datt et eigentlech en Nullsummenspiel ass, datt een dat, wat ee gewënnt, och op där anerer Säit verléiert oder aner Leit dat verléieren.

Ech wëll awer kloer soen, datt zu Lëtzebuerg d'Situatioun net déi nämlecht ass. Ech mengen, datt zu Lëtzebuerg d'Situatioun méi ausgeglach ass, wat d'Konditioune vun de Leit ugeet an och wat d'Situatioun vun de Firmaen ugeet.

Bon, ech mengen, mir kruten et gesot: Zu Lëtzebuerg si 474 Milliounen investéiert ginn. Dat huet de Steierzueler 142 Millioune kascht. An ech mengen, mir wëssen, et kann ee stolz sinn op dat, wat zu Lëtzebuerg mat kollektiven Efforten an deem Secteur fäerdegbruecht ginn ass. Et ass virdrun ervirgestrach ginn, an ech wëll deem bäiflichten.

Déi Situatioun huet sech awer geännert. Si huet sech fundamental geännert, well an de Joren 2000, 2004, 2006, 2008, 2009 praktesch eng ganz Rei Länner dozou iwwergaange sinn, fir esou Tax-shelter-Systemer anzeféieren: a Frankräich 2004, 2005 nogebessert, 2009 nogebessert, Däitschland 2007, Ungarn 2011, déi do e grousse Maart opzéien, England 2007 an esou weider. Wat mat sech bruecht huet, datt mer an där Situatioun vu Konkurrenz a vu Steiernischen am Fong geholl zu enger Situatioun komm sinn, wou, a Verbindung mat der Wirtschaftskris, näischt méi derbäi erauskënnt.

An ech mengen, et ass dat, wat d'Regierung eigentlech zur Décisioun gefouert huet, fir ze soen: Mat dëser Nischepolitik, déi mer '88 agefouert hunn, déi eng Rei aner Länner iwwerholl hunn, ausgebaut hunn, hale mer op, mir schafe se of a mir ersetze se duerch direkt Subventiounen.

Mir stëmmen deem zou. Mir stëmme fir dee Projet, deen hei déi Nischepolitik do ofschaaft an iwwergeet zu engem direkte Subventionnement vun dem audiovisuelle Secteur.

Mir sinn och averstane mat där organisatorescher Ännerung, déi doranner besteet, datt de Comité de lecture an de Comité d'analyse économique et financière zesummegeschloe ginn, well do ware ganz vill Konflikter a ganz vill Komplikatiounen an Intransparenz. Déi ginn zesummegeschloen, a mir stëmmen deem och zou.

Wat déi nei Missioune vum Filmfong ugeet, fir duerch direkt staatlech Ënnerstëtzung privat Investeuren an de Film ze fërderen, dat ass nach e bëssen onkloer. Dat muss een da gesinn, wéi dat geet.

Wat awer och positiv ass, dat ass, datt dem Projet de loi e Règlement grand-ducal bäilouch - deen net ëmmer bäiläit, mä hei louch e bäi -, an deem d'Kritären, wéi an Zukunft déi Subventioune sollen attribuéiert ginn, opgelëscht sinn. An déi Kritäre si positiv, well deen éischte Kritär ass: déi artistesch a kulturell Qualitéite vun engem Projet, an net direkt déi wirtschaftlech, oder grouss Firmaen. A mir hoffen, datt et méiglech ass, fir déi Diversifikatioun, vun där hei geschwat ginn ass, op déi Aart a Weis och bäizebehalen.

Eppes, wat e bësse manner transparent ass, dat ass, datt de Filmfong kann drop verzichten, fir déi Suen erëmzekréien. No wéi enge Kritären dat geschitt, dat ass e bëssen onkloer, well se stinn iwwerhaapt net do!

Eng lescht Bemierkung: Mir wäerten also an Zukunft all Joers beim Budget driwwer décidéieren, wat de Filmfong respektiv d'Filmindustrie vu Sue kritt. An ech hoffen zwou Saachen: Ech hoffen éischtens, datt dat, wat de Filmfong kritt, net duerch Budgetsrestriktiounen a Budgetskontrollen, duerch Ausgabekontroll a Fro gestallt gëtt, Stéchwuert „budget nouvelle génération", datt et net eent vun deenen éischten Affer ass vun där neier Fiskalpolitik.

An zweetens hoffe mer, an dat ass gradesou wichteg, datt, wa mer déi Ausgabe bäibehalen, se net op d'Käschte gi vun anere kulturellen Acteuren an Aktivitéiten, déi vläicht net esou staark sinn. An do denke mer mat Schmäerzen drun, datt all Konventiounen am kulturelle Secteur gekënnegt sinn a mer bis haut nach keng Informatiounen driwwer hunn, no wéi enge Kritären déi erneiert ginn. A mir hoffen, datt do déi Budgetsrestriktioune sech net dohinner verlageren, esou wéi se sech zum Deel schonn op d'Aide financière bei de Studente verlagert hunn.

Dat gesot, stëmme mir grondsätzlech deem Projet do zou a mir wiere frou, wa mer an zwee Joer kéinten e positive Bilan dovunner maachen.

Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Turpel. A fir d'Regierung huet elo d'Kulturministesch, d'Madame Maggy Nagel, fir de Medieminister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

Mme Maggy Nagel, *Ministre de la Culture.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir unzefänke kann ech nëmme bestätegen, wat den Deputéierten Adam gesot huet. Madame Adehm, de Rapport vun 2012 steet um Site vum Filmfong. A weiderhin ass mer gesot ginn, datt den nächste Méindeg de Rapport vun 2013 vum Direkter a vum President der Press och virgestallt géif ginn.

Erlaabt mer dann unzefänken an als Éischt den zoustännege Medien- a Kommunikatiounsminister ze entschëllegen, deen, wéi Der wësst, leider de Mëtteg net kann hei sinn, well en ënnerwee op de Conseil européen ass.

Vu datt jo souwuel de Medien- a Kommunikatiounsminister wéi och de Kulturminister d'Tutelle iwwert de Filmfong hunn an domadder coresponsabel sinn, wat den Développement vum audiovisuelle Secteur hei zu Lëtzebuerg ugeet, wat mer och esou bäibehale wëllen, a vu datt mir eis gutt verstinn an op dërselwechter Wellelängt leien, wat d'Politique de soutien au secteur audiovisuel ugeet, ass et mer eng Freed an eng Éier, hei de Mëtteg kënnen zu dësem Projet de loi ze schwätzen.

Loosst mech fir d'Éischt der Rapportrice, der Madame Beissel, an de Membere vun der zoustänneger Kommissioun villmools Merci soe fir déi gutt a vill Aarbecht, déi si geleescht hunn, fir datt mer dëse Projet kënnen haut hei an der Chamber behandelen. Ech soen och all de Virriedner Merci fir hir Ënnerstëtzung zu dësem Projet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zwou Nominatioune bei den Academy Awards, dovunner een Oscar gewonnen, eng Selektioun zu Berlin, eng zu Cannes an eng zu Annecy: D'Joer 2014 huet gutt ugefaange fir d'Lëtzebuerger Filmindustrie!

Eise Filmsecteur récoltéiert haut d'Friichte vun där gudder Aarbecht, déi an deene leschte 25 Joer geleescht ginn ass. Natierlech hunn déi

successiv Regierungen och e Verdéngscht un dëse positiven Entwécklungen. Si hunn de legale Kader geschafen, deen et eise Filmschaffenden erméiglecht huet, aus engem Amateurssecteur Enn vun den 80er Joren, wou et nach keng staatlech Ënnerstëtzung gouf, eng professionell Industrie opzebauen, déi Unerkennung op der internationaler Bühn fënnt.

Et sinn haaptsächlech déi méi wéi 700 Leit hei zu Lëtzebuerg - Produzenten, Techniker, Schauspiller, Réalisateuren a Scénaristen -, déi hiert deeglecht Brout am Filmsecteur verdéngen, duerch deenen hir kreativ a kompetent Aarbecht mir Filmer aus Lëtzebuerg ëmmer erëm um klenge wéi awer och um groussen Écran kënne gesinn. D'Précurseure vum Lëtzebuerger Kino hu missen e Secteur opbauen, deen et viru 25 Joer net ginn ass. Et gouf deemools keng professionell Strukturen, keng finanziell Ënnerstëtzungen.

Hautdesdaags, Dir Dammen an Dir Hären, ass dat just de Contraire. Ech wäert méi spéit nach op déi Evolutioun an op de Bilan agoen. Lëtzebuerg huet an den 80er Joren am Kontext vun der ekonomescher Diversifizéierungspolitik de Secteur vun der Kommunikatioun an Telekommunikatioun mat dem Succès vun SES Astra an den Développementer vum Grupp RTL-CLT weidergedriwwen. Dunn ass, an dat zu Recht, gemengt ginn, datt mir zu Lëtzebuerg net nëmme kéinten op d'Diffusioun vu Programmer setzen, mä, wann een en integrale Kommunikatiouns- a Mediesecteur wéilt hunn, datt dann och Produktiounsaktivitéiten dozou géife bäidroen, där mer bis elo keng haten.

An ech wëll hei nach eng Kéier rappeléieren, datt d'Aiden, déi fir de Secteur vun der Production audiovisuelle zur Verfügung gestallt ginn, de But verfollegen, d'Diversifizéierungspolitik am Beräich Medien, Kommunikatioun, ICT ze vervollstännegen. Esou kann dëse Secteur sech als Ganzt profiléieren, wou souguer munch Synergië méiglech sinn. Ech denken zum Beispill un de Lien tëschent der Animatioun an dem Gaming.

Esou ass dann dat sougenannt „Certificats-Gesetz" entstanen, dat nieft der direkter selektiver Hëllef, der sougenannter „aide financière sélective", dee Mechanismus duergestallt huet, deen et erméiglecht huet, zu Lëtzebuerg eng audiovisuell a Kinosproduktioun an domadder en neie Secteur ze kreéieren.

Fir d'Éischt hu mer mam Certificats-Regime probéiert, international - virun allem nordamerikanesch - Produktiounen op Lëtzebuerg ze zéien, mam Zil, iwwert den Transfert vum Know-how eis hei déi néideg Experienz, d'Expertise an och de Produktiounsvolumen ze ginn, fir eis Leit auszebilden nom System „learning by doing" an esou schnell wéi méiglech eng aktiv professionell Industrie ze entwéckelen.

No an no hu mir eis awer ëmmer méi op europäesch Koproduktioune konzentréiert. Vill international réputéiert Filmer sinn esou entstanen. Ech denken un „Girl with a Pearl Earring", 2003, oder méi rezent „The Congress", 2013, dee beim europäesche Filmpräis am Dezember zu Berlin de beschte Long-métrage d'animation gewonnen huet, oder och nach „Ernest et Célestine", deen de César kritt huet a fir en Oscar nominéiert war.

Méi wéi 550 Produktioune sinn an deene leschte 25 Joer entstanen, fir en Investment vu ronn 300 Milliounen Euro. 60 Nominatiounen an 20 Präisser hunn eis Filmer bei de bekannteste Festivale wéi Cannes, Annecy, Berlin, Locarno a Venedeg gewonnen. A mir däerfen net all déi aner Festivalen a Präisser vergiessen. Et sinn der wäit iwwer 200, déi eis Koproduktiounen an deene leschten 20 Jorzéngte (veuillez lire: 20 Joer) konnte gewannen.

A wien erënnert sech net un de wonnerschéinen Dekor vu Venedeg, deen zu Esch entstane wor, eist klengt Venedeg?

De Certificats-Regime an d'Aides directes hu regelméisseg zesumme fonctionnéiert a wore fir d'Lëtzebuerger Filmschaffend de Garant fir hir Part de financement an enger internationaler Produktioun.

Contrairement zu anere Länner, wou d'Produzenten niewent der nationaler ëffentlecher Ënnerstëtzung och nach op regional Aiden, Investissementer vun Tëleechaînen oder -distributeure kënnen zréckgräifen, ginn et zu Lëtzebuerg keng aner finanziell Ënnerstëtzungsquelle wéi d'Hëllefen, déi de Stat zur Verfügung stellt.

Et ass dofir wichteg, datt eis Filmer a Koproduktioune mat auslännesche Partner gemaach ginn. An an deem Kontext ass et och esou sënnvoll, datt mir international Koproduktiounstraitéen ënnerstëtzen. Mir hunn der am Moment siwen, dat sinn nieft Kanada a Québec, Däitschland, Frankräich, d'Schwäiz, Éisträich an Irland, dee leschten, dee mer virun dräi Joer ënnerschriwwen hunn. Säitdeem si siwe Long-métragen tëschent eisen zwee Länner entstanen oder sinn an der Entwécklungsphas.

Déi gutt international Relatiounen, déi eise Secteur konnt opbauen, an dat virun allem duerch de Lëtzebuerger Filmfong, hëllefen, d'Bild vum Grand-Duché dobaussen ze veränneren. Net nëmmen droen déi vill Produktiounen, déi hei am Land realiséiert ginn, dozou bäi, eis Image de marque ze diversifizéieren. Neen, et gesäit een dobaussen, datt Lëtzebuerg och am kreative Beräich international eppes unzebidden huet. An als Kulturminister kann a wëll ech hei ënnersträichen, datt dat an anere Kulturberäicher wéi Theater, Musek, Danz, Literatur, Arts plastiques an Architektur och de Fall ass. Mir mussen derfir suergen, iwwer eise Kultursecteur en général dobaussen nach besser ze communiquéieren.

Eise Filmsecteur huet esou munches opzeweisen. Mir hunn hei am Ländche méi wéi 30 Réalisateuren, déi mindestens schonn ee professionelle Court-métrage realiséiert hunn. Och bei de Schauspiller ass et zu enger Professionaliséierung komm. Ëmmer méi oft gesi mer se an internationale Filmer oder och a méi grousse Rollen.

Besonnesch den Animatiounssecteur huet sech an deene leschte Jore massiv weiderentwéckelt. A véier verschiddenen Animatiounsstudioe ginn hei international Televisiounsserien, Court- a Long-métragë realiséiert an 2D respektiv 3D an och an 3D-Stereoskopie. Domadder sinn déi Filmer gemengt, wou Der musst all en extrae Brëll undoen.

Déi zwou Oscar-Nominatiounen, souwuel vun „Ernest et Célestine" wéi déi vum „Mr Hublot", beweisen, wéi d'Qualitéit a wéi wichteg dëse Beräich bei eis ass. 30% bis 40% mécht d'Animatioun an eisem gesamte Produktiounsvolumen aus.

Eis Lëtzebuerger Techniker sinn international bekannt fir hir Qualitéitsaarbecht, hir Flexibilitéit souwuel a franséisch-, däitsch- oder engleschsproochege Produktiounen. Dat ass e grousse Virdeel vis-à-vis vum Ausland an esou munchen auslännesche Réalisateur kënnt regelméisseg zréck op Lëtzebuerg, fir hei mat dërselwechter Équipe nees ze schaffen. Och ginn eis Techniker vun hei op Produktiounen engagéiert, déi näischt mat Lëtzebuerg ze dinn hunn.

Grouss Investissementer sinn am Beräich vun der Postproduktioun hei zu Lëtzebuerg vu privaten Investisseure getätegt ginn. Soundstudioen, Mixage- a Montage-Plateaue sinn entstanen, déi et erlaben, ënner héich professionelle Konditioune Filmer fir d'In- an d'Ausland ze finaliséieren. Mä och d'Filmstudioen zu Conter oder nach de rezente Studiokomplex, deen zu Kielen opgaangen ass, beweisen, datt och de Privatsecteur un d'Entwécklung vum Produktiounssecteur zu Lëtzebuerg gleeft.

Eis Produzente sinn am Ausland sollicitéiert, an dat virun allem, well se e groussen Know-how hunn, wat d'international Koproduktioun ugeet. Mä dat gëtt eise Produzenten awer och eng grouss Responsabilitéit. Och wa mer hei an engem gréisstendeels subventionéierte Secteur aktiv sinn, heescht dat net, datt d'Regele vun der Ekonomie net ze fonctionnéiere brauchen. Och hei mussen d'Produktiounsgesellschaften „en bon père de famille" operéieren. Dofir ass et och wichteg, datt de Lëtzebuerger Filmfong déi néideg Moyenen huet, fir de Contrôle vun de staatleche Subventioune kënnen ze assuréieren.

Vill vun eise Produktiounsgesellschafte si souwäit gaangen, datt se sech och international entwéckelt hunn. Dat heescht, datt si entweder Succursalen am Ausland opgemaach hunn oder awer a Gesellschaften am Ausland investéiert hunn. Dat erlaabt hinnen dann och, an engem aneren Territoire Fouss ze faassen.

Et ass dofir och net verwonnerlech, datt d'Demanden, fir Projeten zu Lëtzebuerg a mat Lëtzebuerg ze dréien, an deene leschte Jore 40% bis 50% an d'Luucht gaange sinn. An der Regel ginn all Joer an der Moyenne tëschent 120 an 150 Demandë beim Filmfong agereecht. Datt déi awer net all kënne finanziell ënnerstëtzt ginn, läit op der Hand, géif ech mengen.

Mir mussen awer derfir suergen, datt de Secteur, dee mer an deene leschte 25 Joer opgebaut hunn, stabiliséiert bleift a sech weider entwéckele kann. An dozou gehéiert och d'Éducatioun an d'Formatioun.

Mir hunn am Lycée technique des Arts et Métiers e BTS fir Animatioun, dee gutt fonctionnéiert. Iwwer 75% vun den Ofschlossschüler fannen duerno eng Aarbecht an hirem Domän. Dës Regierung ass amgaangen ze analyséieren, fir de BTS Animation weider auszebauen. Am September kënnt och elo nach e BTS audiovisuel derbäi, dee méi spezifesch op déi sougenannten „Liveproduktiounen" ausgeriicht gëtt.

An da wäerte mer och derfir suergen, datt déi audiovisuell praktesch Ausbildung a Fortbildung ugepasst un de BTS och ausserhalb ugebuede gëtt. Dofir musse mir Politiker de Cadre règlementaire schafen, an deem de Secteur sech dann développéiere kann.

A wa mer wëllen, datt mer och nach an Zukunft eng europäesch audiovisuell Industrie behalen, mat europäeschem Contenu, an net wëllen amerikaneschen oder asiatesche Produiten de Virrang loossen, da musse mer eis heemesch Produktiounen a Koproduktioune mat ëffentleche Moyenen ënnerstëtzen. Dat mécht all anert europäescht Land, an och d'Europäesch Kommissioun huet Exceptiounen, en „block exemption" fir d'audiovisuell Produktioune virgesinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass dann och schéin ze gesinn, datt säit dem Enn vun den 80er Joren, wou mir déi éischt Hëllefe fir den audiovisuelle Secteur zu Lëtzebuerg geschafen hunn, mer ëmmer quasi eng Unanimitéit hei an der Chamber fonnt hunn, wann et drëms gaangen ass, d'Gesetz iwwert d'Aiden ze optimiséieren. An dat schéngt jo och haut hei de Fall ze sinn.

Mir proposéieren - an d'Presidentin-Rapportrice vun der Kommissioun vum Projet de loi huet et betount -, dat Gesetz iwwert de Certificat audiovisuel, dat elo méi wéi 20 Joer fonctionnéiert huet, ofzeschafen an dem audiovisuelle Secteur déiselwecht finanziell Ënnerstëtzung iwwer en anere Wee zoukommen ze loossen, iwwert de Wee vun der direkter Hëllef.

Dat ass néideg ginn, well an der heiteger Finanzsituatioun sinn d'Sue méi deier gi fir d'Produzenten a si hunn an deene leschte Joren Avantagen, Zënsen a Kommissioune verluer. Wéi des Ëfteren, wann d'Ëmfeld sech geännert huet, hu mer et fäerdegbruecht, de Régime d'aide am audiovisuelle Secteur esou ze änneren, datt mer kompetitiv bliwwe si vis-à-vis vum Ausland an datt eis Filmschaffend weider hirem Beruff kënnen effikass nogoen.

Déi nei Aart a Weis, de Secteur ze ënnerstëtzen, erlaabt et net nëmmen, international aktiv ze bleiwen. Neen, mir léisen de Problem och, deen entstanen ass, well d'Certificaten net méi esou fonctionnéiert hunn, wéi se sollten. An en plus beinhalt dëse Projet de loi och e Volet vun der Gouvernance, deen et erlabe wäert, datt d'Décisioune méi séier, manner bürokratesch a méi onofhängeg geholl kënne ginn. D'Rapportrice ass an hirer detailléierter Ried op déi eenzel Ännerungen agaangen, an ech hunn och deem näischt méi zouzefügen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn iwwerzeegt, datt dëse Projet de loi et dem Secteur vun der audiovisueller Produktioun wäert erlaben, sech weider an engem international staarken Ëmfeld kompetitiv weiderzëentwéckelen an dann ze behaapten. Och wann et net Zil an Zweck vun eiser Férderung ass an däerf sinn, Präisser an Unerkennungen ze kréien, esou sinn ech awer iwwerzeegt, datt mat der Kreativitéit, dem Know-how, der Kompetenz an dem Engagement, deen eis Filmschaffend Dag fir Dag hei zu Lëtzebuerg an am Ausland ënner Bewäis stellen, den Oscar fir den „Här Hublot" sécherlech net dee leschten ass.

Ech soen lech elo scho Merci fir déi ganz breet Majoritéit, déi dëse Gesetzesprojet dann elo wäert, nodeems datt ech elo ofschléissen, kréien.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Madame Minister. Ech hunn d'Wuertmeldung vun der Madame Adehm, Parole après ministre, fir Prezisiounen.

Mme Diane Adehm *(CSV)*.- Ech wëll just erklären - wéinst deem ominéise Rapport annuel -, et ass esou, datt de Filmfong eng Kategorie huet, wou „The Film Fund" steet. Da geet een dorobber klicken, da kënnt ënnendrënner „Mission", „Our Team", „Annual Report", a wann een an déi Kategorie geet „Annual Report", do stinn d'Rapports annuels just bis 2009.

Ech hu mech an Zwëschenzäit och opkläre gelooss, datt et da ganz uewen am Eck rechts eng kleng Kategorie gëtt „Download Center". Du sinn ech och doranner kucke gaangen, an do fënnt een tëschent engem Sammelsurium vun Informatiounen dann effektiv ganz ënnen och iergendwou d'Rapports annuels.

Mä an der Kategorie „Rapport Annuel" um Site vum Filmfong sti se net en tant que tels. Et muss een, wéi gesot, an den „Download Center" siche goen. Dat wollt ech just soen.

Une voix.- Très bien!

(Brouhaha)

M. le Président.- Merci. Domat si mer um Enn ukomm a mir géifen iwwert de Projet de loi 6535 ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6535 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6535 ass mat 57 Jo-Stëmmen, bei 3 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Laurent Mosar), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Roger Negri), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen zum nächste Projet iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6703, eng Ännerung um Gesetz iwwert d'Beruffschamberen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den honorabelen Här Georges Engel.

9. 6703 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 4 avril 1924 portant création de chambres professionnelles à base élective

Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative

M. Georges Engel *(LSAP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, de Gesetzestext, iwwert dee mer haut ofstëmmen, huet als Haaptobjektiv, déi Problemer, déi duerch d'Uerteel vum 19. Dezember 2013 vun der Cour administrative opgeworf gi sinn, ze léisen. Bei dësem Uerteel geet et ëm d'Representatioun vun de Statsbeamten aus der Carrière supérieure an hirer Beruffschamber.

D'Gesetz, wat am Moment a Kraaft ass - et ass dat vum 4. Abrëll 1924 -, leet d'Unzuel vun de Sëtz fir d'Kategorie A vun der Carrière supérieure an der Beruffschamber vun de Statsbeamten op dräi Mandater fest. Am Ganze sinn et 27 Mandater. De Rescht vun de Mandater ginn ënnert de Beamte vun deenen anere Carrièrë verdeelt.

Den Artikel 43ter vun deem Gesetz hält ausserdeem fest: «Au sein de la Chambre des Fonctionnaires et Employés publics aucune administration de l'État ni aucun établissement public ne peut occuper plus de deux mandats pour chacune des categories A, B et C. Au sens des dispositions du présent article, l'enseignement secondaire, secondaire technique, supérieur et universitaire est à considérer comme formant une seule administration.»

De Sträit - dee sougenannten „Sträit", wann een dat esou wëllt nennen -, dee schlussendlech zu deem Uerteel gefouert huet, geet op déi lescht Wahle vun de Beruffschambere vun de Statsbeamten am Mäerz 2010 zréck. Deemools hat d'CGFP no der Verdeelung vun de Sëtz zwee vun den dräi Mandater an der Kategorie A kritt. Dës zwee Sëtz sinn un zwee Beamten aus dem Enseignement gaangen.

D'Lëscht vun der APESS hätt theoretescherweis awer d'Recht op deen drëtte Sëtz gehat, mä well dës Lëscht jo just aus Beamten aus dem Enseignement besteet, par la force des choses, huet d'APESS en dunn net kritt. Dësen drëtte Sëtz ass der CGFP zeguttkomm an un ee Beamten, deen net an dem Enseignement ass,